## Notre collaboration avec l'Ecole d'Hôtellerie et de Tourisme EHTL

*Text français & deutscher Text:*

Dîner de Bienfaisance
Rotary
Club Diekirch-Ettelbruck

EHTL
École d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg

1999 virun 25 Joer huet laut eisem Clubhistoriker d'Traditioun vun eisem „Dîner Musical" an der Hotelschoul, deemols nach Lycée technique hôtelier Alexis Heck, ugefaang.

Déi éischt Editioun war schonns den 1ten Abrell 1998 a war geduecht als een eemolegt „Fundraising Event" fir den Erdbebenaffer an Umbrien ze hëllefen, der Géigend rondrem Gubbio aus der eisem Member Marc Pannacci seng Famill staamt a wou eis mat dem RC Gubbio och eng Frëndschaft verbënnt.

Baséirend op dem grousse Succès vun dëser éischter Editioun huet eise Club décidéiert, all Joer een „Dîner Musical" fir e gudden Zweck ze organiséieren an ab 1999 huet den Dîner eng fest Plaz an eisem Kalenner. Des Soirée war ëmmer souwuel kulinaresch wéi och musikalesch eppes Besonnesches an e wichtegt Evenement, dat eisem Rotary Club erlaabt, seng sozial a kulturell Projeeën ze finanzéieren. Een Deel vum Erléis gëtt traditionnell ëmmer fir Boursen un Élèven vun den Ofschlossklassen bei der Diplomiwwerreechung vum EHTL verginn.

Sou huet sech eng 25 jäereg Partnerschaft mat der Hotelschoul entwéckelt, fir déi mir villmools Merci soen.





















ROTARY
INTERNATIONAL
60
1964-2024
Rotary






EHTL